

Ech denken, dass de Gros vun deene Froen, déi Der elo alleguerten opgezielt hutt, fir d'nächst Woch beäntwert sinn. Et muss ee gesinn, wéi eng Problemer sech stellen. Et sinn och verschidde Froen, wou d'Délaien un d'Regierung verlängert gi waren. Mä en tout cas halen ech drop, dass d'Regierung déi Froen alleguerte beäntwert, déi vun den Deputéierte gestallt gi sinn, ier mer hei auserneeginn.

(Interruption)

Jo? Den Här Mehlen huet d'Wuert, wann ech gelift.

» **M. Robert Mehlen (ADR).**- Här President, ech hat d'lescht Woch eng Motioun hei erabruecht, déi nëmme meng Ënnerschrëft hat. Ech hat gesot, ech géif se oploosse fir anerer, déi dat eventuell wéilte mat droen. Dat ass indépendamment vun deenen zwee Projeten, déi mer de Mëtteg diskutéieren. Dir hat zwar gemengt, et wär eng gutt Geleeënheet, fir dat da bei där Geleeënheet matzehuelen.

Duerfir ass meng Demande, deemno wéi d'Situatioun ass, datt een dat dann och nach géif op den Ordre du jour geholl kréien.

» **M. le Président.**- Här Mehlen, ech kucke mer dat nach eng Kéier un. Mä ech denken, dass dat ze maachen ass.

Den Här Jaerling kritt d'Wuert fir den Dépôt vun enger Motioun.

4. Dépôt d'une motion par M. Aly Jaerling

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).**- Merci, Här President. D'lescht Woch hu mer e Gesetz hei gestëmmt, fir d'mëttelstänneg Betriber an dese Krisenzäiten ze ënnerstëtzen. Elo ass et awer a Kontradiktioun zu deem Gesetz, a wat mer elo scho bal zwee Méint wëssen, datt d'Regierung geplangt huet am Fong déi biometresch Passbiller vun de Gemengen oflichten ze loossen an dann déi deene professionnelle Fotografen ewechzehuelen, wat eng ganz Rei vu Fotostudioen an d'Précaritéit bréngt a wat och eng ganz Rei Aarbechtsplazen a Gefor bréngt. Et wäerten der esou ëm déi honnert sinn.

An ech mengen, all Member vun der Chamber heibannen huet Bréiwer kritt vun deene Leit, déi Angscht hunn, dass se am Hierscht, wann dat doten elo wierklech a Kraaft trëtt, keng Aarbecht méi hunn. Dofir wëll ech an deem Sënn hei eng Motioun deponéieren, fir d'Regierung opzefuerderen, déi Décisioun, déi se do geholl huet, fir déi biometresch Passbiller vun de Gemengen oflichten ze loossen, zréckzezéien an de professionnelle Fotografen déi Aufgab ze iwwerloossen.

Motion

D'Volleksvertriederkummer

- huet mam Gesetz 5975, dat den 30.4.2009 gestëmmt gouf, Méiglechkeete geschafen, fir de Mëttestand an dese schwéiere Krisenzäiten ze ënnerstëtzen;

- fënnt et dofir onverständlech, datt d'Regierung a Kontradiktioun zu deem Gesetz decidéiert huet, de Gemengen d'Oflichte vu biometresche Passbiller ze iwwerdroen;

- gesäit an deser Mesure eng Prekariséierung vun de professionnelle Fotostudioen a Fotografen an hire Mataarbechter;

- ass sech bewosst, datt d'Fotostudioe vill investéiert hunn, fir kënnen dem Besoin vum biometreschen Oflichte vu Passbiller gerecht ze ginn;

- ass informéiert, datt d'Oflichte vu Passbiller eng substanziell Recette fir Fotostudioen duerstellt;

- stellt zudeem och fest, datt dem Stat an dese finanziell prekären Zäiten zousätzlech finanziell Laaschten operluecht ginn, fir Apparaten unzeschaffen, fir biometresch Passbiller ofzeliichten;

- fënnt et dofir méi opportun, datt de Fotostudioen an hire Fotografen, déi d'Oflichte vu Passbiller bis elo op eng professionnell Aart a Weis bewierkstellet hunn, des Missioun soll erhale bleiwen;

fuerdert d'Regierung op,

- hir Décisioun, de Gemengen d'Aufgab vum Oflichte vu biometresche Passbiller ze iwwerdroen, ze annulléieren an de professionnelle Fotostudioen an de Fotografen des Aufgab ze iwwerloossen.

(s.) Aly Jaerling, Claude Adam, Eugène Berger, Félix Braz, Camille Gira.

» **M. le Président.**- Merci, Här Jaerling. D'Conférence des Présidents schwätzt sech iwwert déi Motioun hei aus, an da kënnt déi wahrscheinlech d'nächst Woch op den Ordre du jour.

Ech géif proposéieren, déi Motioun, déi den Här Mehlen déposéiert hat iwwer eng Politik vu Stabilisatioun am Mëllechsecteur, dass mer déi géifen huelen haut de Mëtteg no der Debatt vun deenen zwee Agrarprojeten, déi mer hei hunn. Den Här Minister kritt déi Motioun nach eng Kéier. Ech denken, dass Der se hutt. An dann, wann Der domat d'accord sidd, huele mer déi no der Debatt iwwert déi zwee Projeten, déi mer elo hunn.

Mir kommen elo zum Projet de loi 6002, wat eng Ofännerung vum Agrargesetz ass. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorablen Här Oberweis. Et si bis elo ageschriwwen: den Här Goerens, den Här Schneider an den Här Kox. Den Här Marcel Oberweis huet elo d'Wuert.

5. 6002 - Projet de loi portant modification de la loi du 18 avril 2008 concernant le renouvellement du soutien au développement rural

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

» **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, d'Finanzkris an d'Wirtschaftskris sti permanent am Mëttelpunkt vun eisen Diskussiounen. Och wann d'Suerg ëm d'Erhaltung vun den Aarbechtsplazen eis ëmdreift, esou dierfe mir net de Primärsecteur aus eiser Wirtschaft - d'Landwirtschaft - vergiessen. Si gëtt vun der Wirtschaftskris staark gebeidelt a si leit doriwwer eraus nach ëmmer ënnert den Auswierkunge vun den héijen Äerduelechpräisser aus dem Joer 2008. An de leschte Wochen hunn d'Bauern op hir grave Situatioun higewisen. Si, déi Brout, Fleesch a Mëllech liwweren.

Dee virleiende Gesetzestext ass ee vun deene Gesetzesprojeten, déi an der Rumm vun der Lutte géint d'Wirtschaftskris op den Instanzewee geschéckt si ginn. Dierf ech am Zesummenhang mat deem Gesetzesprojet drun erënneren, dass d'Europäesch Kommissioun den 20. November 2007 eng Proposition ënnerbreet huet, mat där den „health check“ verbessert sollt ginn?

Den 20. Mee 2008 sinn d'Modalitéiten an d'Verbesserungen dem Agrarconseil virgeluecht ginn, déi am Agrarconseil um Ënn vum leschte Joer zréckbehale goufen. Mat deem Accord gëtt erlaabt, déi finanziell Hëllef fir d'Entwécklung vum ländleche Raum ze verstärken. Niewent dem Mëllechsecteur sollen am Speziellen d'Hëlfelefen un déi jonk Baueren erhéicht ginn.

Dierf ech drop hiweisen, dass no den Ënnerlage vun Eurostat d'Lëtzebuergesch Landwirtschaft e Réckgang vum Duerchschnëttsakommes vun 12,5% am leschte Joer erlidden huet? De Réckgang louch am Duerchschnëtt an Europa bei 3,5%.

De virleiende Gesetzesprojet ass den 10. Mäerz dëst Joer hei an der Chamber vun dem Landwirtschaftsministère deposéiert ginn. Schonn de 26. Mäerz ass an der zoustänneger Kommissioun eng éischt Lecture vum Text gemaach ginn, an ech sinn zum Rapporteur genannt ginn. De Statsrot huet säin Avis den 28. Abrëll eragereecht, deen an der Sitzung vum 30. Abrëll och analyséiert ginn ass. An de Rapport gouf dunn och ugehall.

De Gesetzesprojet verfollegt véier Voleten: Éischstens, mir ginn eis déi öffentlech Interventionsinstrumenter, fir de Mëllechsecteur ze stäipen; de jonke Bauere wëlle mir entgéintkommen andeem mir d'Konditiounen bei de finanziellen Hëllef fir d'Installatioun vun hiren Häff verbessern; och sollen déi Hëllef bei der Rekonversioun vu de Wéngerte modifizéiert ginn; an da sollen nach verschidde Modifikatiounen duerch d'Aféierung vun dem Statut unique virgehall ginn.

An hirem Avis huet d'Chambre d'Agriculture besonnesch op d'Problematik vun de Mëllechquoten higewisen. Well déi bis zum Joer 2015 ofgeschaaft musse sinn, solle mir

haut schonn driwwer nodenken, eise Baueren déi néideg finanziell Hëlfelefen ze ginn, fir sech op deen Challenge virzebereeden.

A sengem Avis huet sech de Statsrot och mat de Mëllechquote beschäftegt. En huet drop higewisen, dass et grad déi Bauerebetriber sinn, déi sech der Mëllechproduktioun verschriwwen hunn, déi ganz besonnesch leiden ënnert deser Problematik. Hie recommandéiert duerfir, alles an d'Wee ze leeden, fir eise Land eng performant Landwirtschaft ze erhalen. Et muss allichten, dass mir eis fir eng méi effikass a konsequent Förderung vun den Agrarprodukter hei aus dem Land an aus der Groussregioun asetze mussen. Mä do musse mir och d'Konsumente mat invitéieren.

Ech wëll elo vläicht an e puer Wieder op déi wichtegst Artikele vum Gesetzesprojet agoen.

Den Artikel 1 behandelt d'Auswierkunge vun dem Statut unique an der Landwirtschaft, well d'Krankekeess an d'Pensiounskeess aus der Landwirtschaft sinn an déi nei Gesondheetskeess respektiv an déi nei national Pensiounskeess integréiert ginn. Déi gëlteg Kritäre bis dato vun der Affiliatioun sinn net méi applikabel.

A well een an der Landwirtschaft tëschent dem Agriculteur à titre principal an dem Agriculteur à titre accessoire ënnerscheet, ass festgehale ginn, dass déi Aarbechtszäit, déi een ausser der normaler Bauereaarbecht verbréngt, 20 Stonne pro Woch net iwwerschreiden dierf. Dës Zäit dierf op alle Fall net d'Halschent vun der effektiver Aarbechtszäit vun dem Exploitant iwwerschreiden. De Statsrot huet et net esou gesinn, mä d'Chamberskommissioun ass awer bei dem virleiende Gesetzestext bliwwen.

Den Artikel 2 gesäit vir, dass d'Exklusivoun vun den Hëllef fir eng méi héich Mëllechproduktioun, déi iwwert dem Seuil vun den accordéierte Mëllechquote louch an déi an dem Artikel 3 vun dem Agrargesetz vum 18. Abrëll 2008 ausgeschloss goufen, net méi ze justifiéiere sinn. Dat ass an der Suite vun dem Agrarconseil vun dem 18. bis 20. November d'lescht Joer, an deem festgehale gouf, dass eben d'Mëllechquote bis 2015 auslafe sollen. All EU-Memberstat soll elo Mesuren ergräifen, fir de ländleche Raum nach méi ze dévoppéieren.

Den Artikel 4 ass ganz sympathesch, well hie sech mat deene jonke Bauere beschäftegt. D'Plaffonge vun den Hëllef bei der Installatioun gi vun aktuell 55.000 Euro op 70.000 Euro eropgehuewen. Des Weidere gëtt och d'Prime d'installation vu 25.000 op 30.000 Euro erhéicht.

Well et och an der Landwirtschaft net ouni eng gutt éischt Ausbildung, op déi eng permanent Weiterbildung grefféiert gëtt, geet, läit et op der Hand, dass all déi, déi sech weiderbilden, och belount musse ginn. D'Prime de formation agricole gëtt duerfir vu 5.000 Euro bis op 10.000 Euro eropgehuewen. Esou kann e jonke Bauer mat deem Diplom vun dem Technicien agricole 7.500 Euro kréien; deejéinegen awer, deen de Meeschterbrëif virweise kann, souguer 10.000 Euro. Och de Plaffong vun den Zënsonificatiounen am Zesummenhang mat Investitiounen um Bauerenhaff gëtt vu 25.000 Euro op 30.000 Euro eropgesat.

Den Artikel 5 weist drop hin, dass am Artikel 10 vun dem momentanen Agrargesetz d'Prime d'installation pro Exploitatioun op 15.000 Euro fixéiert gëtt. Domat kann ee soen: De Plaffong vun allen zousätzlechen Hëllef kann deemno fir e jonke Bauer bei der éischter Installatioun bis zu 70.000 Euro bedoen.

Den Artikel 7 traitéiert de Wäibau an d'Wéngerten, an dat an der Suite vun der neier Wäimaartorganisatioun. Bei der Restrukturierung oder der Rekonversioun vun de Wéngerte kann eng finanziell Hëllef vu maximal 12.000 Euro pro Hektar ausbezuelt ginn.

Am Artikel 9 gëtt drop higewisen, dass den 1. Januar vun deem Joer als Stéchdatum fir d'Ausbezuere vun den Hëlfelefen zréckbehale ginn ass. Dat fir d'Landwirtschaft an och fir de Wäibau. An der Chamberskommissioun ass och matgedeelt ginn, dass keng Demande aus der Landwirtschaft an aus dem Wäibau aus de Joren 2007 an 2008 virum dem 1. Januar dëst Joer ënnerschriwwen ginn ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, Madame Statssekretärin, no desen Ausféierungen zum virleiende Gesetzesprojet gëtt kloer, dass mir och dem liewenswichtege Primärsecteur - eiser Landwirtschaft - eng Rei vu finanziellen Hëlfelefen zougestoe mussen. Doduerch maache mir eis Betriber fit, performant, effikass, konkurrenzfähig an à la longue och iwwerliewensfähig. Nëmme wann hei dyna-

mesch Mënsche schaffen, da kann de Bauerestand eng Zukunft hunn.

Et muss dem Verbraucher awer erkläert ginn, dass dës Hëlfelefen dem Bauer et erlaben, nei a modern Infrastrukturen opzebauen, fir esou déi héich Qualitéit vu senge Produkter ze garantéieren. Et sinn déi Produkter, déi de Verbraucher gären a sengem Glas oder op sengem Teller gesäit.

Als leschte Punkt wëll ech och dann d'Roll vun de Landwirten ervirhiewen, well duerch de Fläiss an d'Fachwësse vun eise Baueren erhale si déi schéin a gewuesse Landschaften an doriwwer eraus och eis Biodiversitéit.

Dat gesot, a mat der Hoffnung, dass d'Chamber deemem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung gëtt, bréngen ech schonn den Accord vun der CSV-Fraktioun eran a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Oberweis. Den honorablen Här Goerens huet d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens (DP).**- Här President, ech wollt just d'Wuert ergräife fir den Accord vun eiser Fraktioun ze ginn. Ech wëll soen, datt déi puer Verbesserungen, déi den Här Oberweis elo hei exposéiert huet, a mat deene mir och d'accord sinn, doudsicher ze begrësse sinn. Si wäerten awer net duergoen, fir déi schwiereg Zäit, an där d'Landwirtschaft elo dran ass, a fir all déi Problemer ze léisen. Si kënnen se héchstens atténuéieren.

Compte tenu dovunner, wollt ech nach eng Kéier betounen, datt mir dat do matgedoen hunn, esou wéi mer dat och an der Kommissiounssitzung zum Ausdrock bruecht hunn.

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Den honorablen Här Schneider huet d'Wuert.

» **M. Romain Schneider (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dese Projet de loi, deen exzellt virgestallt gouf vum Marcel Oberweis, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech, ass op den Objet vun deemem Gesetz agaang, dee sech résüméiere léisst, wéi de Marcel Oberweis et richtig erkläert huet, a véier Punkten.

Den éischte Punkt, d'Interventionsméiglechkeeten an der Mëllechproduktioun. Den zweeten, d'Bäihëllef fir d'Jongbaueren. Deen drëtten, d'Bäihëlfelefen am Wäibau. An dee véierten, d'Modifikatioun am Bezug op de Statut unique, wéi mer dat bei enger Rei vu Projets de loi an der leschter Zäit haten.

De Marcel Oberweis ass drop agaangen an deenen eenzelne Remarken, duerfir géif ech mech drop beschränken, fir déi eenzel Mesuren eng Kéier kuerz ze beliichten a selbstverständlech drop anzegoen, datt dese Projet de loi sech och areit, wéi et richtig gesot gouf, an déi ganz Mesures anticrise, déi de Moment an eiser Wirtschaftskris dobaussen ze behandle sinn, a wou et wichtig ass, datt mer och an deemem Sektor, am Sektor vun der Landwirtschaft an am Sektor vum Bauer déi richtig Mesurë geholl hunn, fir se elo grad ze ënnerstëtzen.

Et gouf grad nach gesot, datt virun allem d'Landwirtschaft de Moment net gutt drun ass, an datt ee ganz dacks dorëmmer héiert, wann een dobaussen ass, mat de Bauere schwätzt, datt et effektiv néideg ass, datt Bäihëllef kommen. Esou wéi dat jo bis elo och ëmmer de Fall war, an esou wéi mer jo 2008 am neien Agrargesetz eng Rei vu Punkte virgesinn haten, an des Punkten... Am Prinzip complémentéiert dese Projet de loi dëst Agrargesetz.

D'Landwirtschaft ass, an ech mengen, däers si mer eis all bewosst, ee wichtige Bestanddeel vun eiser Vollekwirtschaft. Si ass de Garant fir eng gutt Produktioun vu gesonden an héichwäertegen Nahrungsmëttelen hei zu Lëtzebuerg an och an der Groussregioun. Duerfir sinn esou Aktiounen, déi gestart goufen an där leschter Zäit, wéi zum Beispill „Esou schmaacht Lëtzebuerg“, och ganz gutt. Mir mussen awer oppassen, datt mer op där anerer Säit och Produzente fannen, déi des héichwäerteg Produkter produzéieren.

Dat fanne mer de Moment an der Landwirtschaft. Mä mir gesinn awer och dobäi, datt ëmmer méi Betriber ewechstierwen, datt ëmmer méi Betriber net méi iwwerholl ginn, an duerfir och d'Zuel vun de Betriber an deene leschte Joren zréckgaangen ass. Duerfir sinn och de Mëtteg déi Bäihëlfelefen, déi mer maachen, net eng Drëps op e waarme Steen, mä et sinn effektiv konkret Primen, virun allem fir d'Jongbaueren, fir den Nowuess, deen heimat ka gestärkt ginn.

D'Bauern, mengen ech wësse mer awer, mussen, an dat ass bedéngt, datt an dëser Zäit virun allem ganz vill muss investéiert ginn engersäits an Infrastrukturen, awer och a Maschinnen. Wat virun allem awer och d'Aarbecht net erlichtert, datt sinn déi eenzel Genehmigungsprozeduren, déi ëmmer méi schwéierfällég ginn. Hei musse mer kucken - a mir si jo och amgaangen an der Regierung Léisungen ze fannen -, datt déi Genehmigunge méi einfach kënne goen.

Ech géif mengen, datt een och an dësem Sektor d'Propos ka maachen, datt mer virun allem de Bauer mussen entlaaschte vun där ganzer Bürokratie, an och hei Guichet-uniquen an deenen eenzelne Regiounen schaffen, wou séier op enger Plaz d'Informatiounen, d'Berodung un de Bauer, un de Produzent kann eriiwwerkommen.

De Beruff Bauer, mengen ech, verlaangt hautdësdags vill. E verlaangt net nëmmen ee physeschen Asaz, e verlaangt net nëmmen handwierklech Tätegkeet, mä e verlaangt virun allem och e groussen Know-how, deen och an der Bürosaarbecht virugeet. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, datt mer och hei op eng gutt Schoul, an dësem Fall d'Ackerbauschoul zu Ettelbréck, kënnen zréckgräifen, déi d'Leit, déi d'Jongbauere virun allem exzellent ausbilt an, mengen ech, och mat der Zäit matgaangen ass fir nei Beruffer auszubilden, fir se nei op de Beruff an op d'Défien hautdësdags virzebereeden.

Generell ass et awer och un eis alleguer dobaussen ze notzen, datt d'Mentalitéit vun der Bevëlkerung changéiert, datt mer effektiv vill méi op d'Produkte vun heiheim setzen, datt mer de Renouveau vun de Produkte aus eisem Land an de Vierdergrond stellen. Duerfir d'Sensibiliséierung mat der Aktioun, déi ech genannt hunn, mä och d'Sensibiliséierung an de Gemengen, an do duerch verbonnen an de Schoulen, an de Kantinen, datt mer effektiv do Produkte aus eiser Regioun benotzen. An och d'Iddi vun der Biolandwirtschaft virundreiwen. Och hei kann eng Nischepolitik entstoën.

Esou wéi mer och mussen Iwwerleeunge maachen, fir nei Recetten ze kreéieren, dat virun allem duerch d'erneierbar Energien, an doduerch och Diversifizierungsméiglechkeete fir eis Bauere kënne schaffen. Op där anerer Säit awer och d'Dépensé probéieren ze senken. An hei, mengen ech, virun allem beim Waassergesetz hu mer driwwer geschwat, datt ee soll de Waasserpräis, virun allem fir d'Bauern, adaptéieren an an enger gemoossener Rumm soll loos-sen.

E puer Wieder nach zu de Mëllechquoten, déi hei ugeschwat goufen. Ech menge mir wëssen, datt d'Bauere selbstverständlech, a virun allem d'Mëllechproduzenten, beonrouegt sinn iwwert d'Präisser, déi de Moment um Marché sinn, déi de Moment esou ëm déi 25 Cents leien, wou ëmmer geschwat gouf, datt 40 Cents käschttendekend kënnte sinn. Och hei gouf opgrond vun dësem Projet de loi, selbstverständlech op europäeschem Niveau, probéiert Eforten ze maachen.

Mir gesinn awer, datt d'Betriber, d'Mëllechbaueren zréckginn, datt se an den Zuelen och virun allem zréckginn, an datt d'Iwwerlieue vun hinne wierklech eng Fro duerstellt, wou se sech ganz vill Gedanken de Moment doriwwer maachen. Mir wëssen awer, datt ganz kloer europawäit Léisungen hei musse geholl ginn. An duerfir musse mer och viru kucken, um europäeschen Niveau déi richteg Positiounen anzehuelen an och déi richteg Léisungen ze fannen.

Selbstverständlech gëtt et hei kuerzfristeg a mëttelfristeg Léisungen. Kuerzfristeg, mengen ech, ass et wichteg, datt een de Bierg vu Mëllech, deen de Moment do besteet, probéiert ofzebauen. Awer mëttelfristeg heescht et, datt ee muss kucke Léisungen ze fannen, wou effektiv och flexibel Quoten erëm kënnte spillen. Ech weess, datt dat net nëmmen hei zu Lëtzebuerg kann decidéiert ginn, datt mer um europäeschen Niveau musse Léisunge fannen. Mä wa mer gesinn, datt och Länner wéi Däitschland, wéi Frankräich grouss Problemer heimat hunn, misst ee kucken an Zukunft och Alliiéiert ze fannen, fir och vläicht op dëse Piste kënne virunzeschaffen.

Zum Schluss géif ech soen, datt dëse Projet de loi wichteg nei Wäerter fir eis Landwirtschaft duerstellt. Virun allem ass d'Landwirtschaft de Garant fir gutt an héichwäerteg Produkte hei zu Lëtzebuerg. Si ass derniewent awer och de Garant fir en nohaltegen Naturschutz, wou mer kënne stolz drop sinn, datt mer Leit um Terrain hunn, déi deen och an der Praxis kënne uwenden.

Ech soen Iech an deem Sënn Merci fir d'No-lauschteren, an ech géif och de Sukkurs vun eiser Fraktioun hei ginn an och mäi perséinlechen, an duerfir géife mer dëse Projet de loi och ganz gäre stëmmen. Merci.

» **Plusieurs voix**.- Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Schneider. Den honorabelen Här Kox huet d'Wuert.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG)**.- Merci, Här President. Ech wëll et dann e bëssche méi kuerz maachen. Ech wollt dem Rapporteur awer nach Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Och mir ënnerstëtzen hei déi Instrumenter, zweifelen awer, wéi den Här Goerens dat richteg gesot huet virun, ob dat heiten déi richteg Instrumenter sinn, fir d'Landwirtschaft aus der Kris ze féieren. Ech denken, dat heite geet bäi Wäitem net duer, fir an eisen Aen, aus eiser Siicht eng nohaltege an zukunftsäeg Landwirtschaft opzebauen.

Ech ginn awer trotzdeem mäin Accord mat fir dëst Gesetz.

» **M. le Président**.- Merci, Här Kox. Den Här Landwirtschaftsminister... Ah, pardon, entschëllegt, Här Mehlen!

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Ech war ugemellt, wollt ech just hei soen.

» **M. le Président**.- Entschëllegt, Här Mehlen.

» **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir diskutéieren haut eng Ofännerung vum aktuellen Agrargesetz, eng Partie Verbesserungen. Wéi gesot, ech wëll och fir unzefänken dem Rapporteur Merci soe fir dat, wat hien hei un Erklärungen ofginn huet. Ech wëll awer gläichzäiteg mäi fundamentalen Désaccord hei zum Ausdrock bréngen iwwert déi Approche, déi an deem Ganzen dräit.

Soulaang wéi ech mech zréckerënnere kann, gëtt iwwer Restrukturatioun, iwwer Verbesserung vun der Rentabilitéit, iwwer Verstärkung vun der Konkurrenzfähigkeit vun der Landwirtschaft hei am Land geschwat. Dat hei geet jo och an déiselwecht Richtung, wann een de Mëllechsektor zum Beispill kuckt, wou da solle méi Héichtinvestissementer méiglech sinn, iwwert dat eraus, wat d'Mëllechquot am Prinzip autoriséiert, fir op d'Zukunft virzebereeden.

Wann een déi ganz Entwécklung an der Vergaangenheet verfollegt: Natierlech hu mer haut, mat deenen Agrargesetzer vun der Vergaangenheet, eng Landwirtschaft, déi relativ modern ass, déi funktionell ass, déi och mat engem héije Produktivitätsgrad produzéiert. An trotzdeem muss ee feststellen, datt mer an engem Däiwelskrees dra sinn, datt dee Gesundschrumpfungsprozess, dee sengerzäit vum EU-Kommissär Manholt dekretéiert gi war, zu engem Iwwerschrumpfungsprozess féiert, an deem Mooss, datt een haut wierklech muss fäerten, datt mer herno net méi Bauerebetriber genuch hunn, fir d'Land flächendeckend kënne ze bewirtschaften. Dat ass eng onglécklech Entwécklung.

Ech hunn eng Kéier e Fachvirtrag héieren, wou ee gesot huet: Kuckt emol, wéi mer ugefaangen hu mat där Agrarpolitik, dunn hat en Duerchschnëttsbetrib zéng Kéi. Du sinn déi modern Maschinne komm, du ass gesot ginn: „Jo, mat zéng Kéi ka jo kee méi iwwerliewen. Jiddweree misst der op d'mannst 20 hunn.“ Do huet all Mensch gesot: „Dat ass richteg. Mat zéng Kéi, dat geet net méi duer.“ Wéi mer dunn d'Betriber bis op deem Niveau haten, dunn huet et geheescht: „Jo, wat sinn 20 Kéi schonn? Et mussen der 40 sinn.“ Dunn ass dann deen nächste Schrëtt komm. Wéi de Standard 40 bis erreecht war, du war dat erëm näischt, dunn hunn et der missen 80 sinn. Elo si mer bei e puer honnert. Et fret ee sech, wou dat soll ophéieren.

Et ass eng grondsätzlech Fro vu Philosophie, vun Agrarpolitik, ob mer nach Betriber wëllen, déi op Basis vu Familljebetriber funktionéieren, quitte, datt mer haut schonn op Hëllefskräften ugewise si respektiv datt viles iwwert de Maschinenring, Gott sei Dank, ofgewéckelt gëtt. Mä et stellt ee fest, datt an de Betriber ëmmer méi Murks entsteet, datt vill, souguer gutt situéiert Betriber, déi och an der Struktur gutt sinn, haut kee Successeur méi fannen, well déi jonk Leit net méi bereet sinn, dee Murks do matzemaachen.

Ech mengen, do muss een ufänken, fundamental d'Approche an d'Ausrichtung vun der europäescher Agrarpolitik a Fro ze stellen. Et ass eng Diskussioun, déi besonnesch an dësem Moment, wou mer gesinn, datt eng Partie Mäert total um Buedem leien, a wou ganz vill Bauerebetriber ëm hir Existenz fäerten, wann net geschwënn eppes geschitt, wierklech seriö muss driwwer nogeduecht ginn. Ech mengen, Här Oberweis, ech géif Iech gutt genuch kennen, datt mer eis op deem Terrain géifen erëmfannen, datt mer net sollen d'Liberaliséierung à outrance dreiwen.

Ech ginn e Beispill wat d'Mëllechproduktioun ubelaangt: Ass et net verréckt, datt mer mat Hëllef vun Importsoja - wou an Drëtt-Welt-Länner deelweis d'Natur zuschane gemaach gëtt, fir nach méi Soja ze produzéieren - hei Mëllech produzéieren, 20% méi Mëllech produzéieren an der EU wéi mer der brauchen, dann erëm mat Steiergelder probéieren déi Mëllech iergendwéi um Weltmarkt ofzesetzen, dann erëm an der Drëtter Welt mat deem Surplus Misär urichten?

Duerfir wëll ech hei am Numm vu menger Partei soen, datt mir eng ganz aner Opfaassung vun Agrarpolitik hunn, datt mer absolut der Meenung sinn, datt ee misst - an dat ass och de Géigestand vun där Motioun, wou ech hoffen, datt mer kënne e Wuert driwwer verléieren -, datt ee wierklech muss op eng Steuerung erauskommen, an datt och de Bauereberuff fir déi jonk Leit, déi an hire Betriber sinn, iergendwéi awer nach muss och vun der mënschlecher Säit, vun der Säit vun der Aarbechtsbelaaschtung hier erträglech bleiwen.

Dat Zweet ass, datt fir déi jonk Baueren d'Primen erhéicht ginn, wa se de Betrib iwwerhuelen. Grondsätzlech ass dat eng gutt Saach. Ech mengen, mir freeën eis ëmmer dann, wann ee jonke Mensch am Betrib weiderfiert oder wann en an en anere Betrib erageet, fir dee weiderzeféieren. De Rapporteur huet gesot, wéi, a wat fir engem Mooss de Plaffong ugehewe gëtt. Dat ass eppes, wat ee vum Grondsaz hier ka begrëssen, mä do stécht och déiselwecht Approche dran.

Ech muss éierlech soen, mech huet et iwwer all déi Jore gestéiert, datt mer an der Politik probéiert hunn, mat alle Mëttelen déi jonk Leit ze lackelen, fir dach an d'Betriber eranzegoen. Well et ass och eng Politik vu lackelen, vun een dozou ze bréngen, fir dee Beruff ze ergräifen, och wann en da vläicht net gradesou dovun iwwerzeegt ass.

Et ass e Köder, deen déi jonk Leit, well meeschtens mam Generatiounswissel vill investéiert gëtt, an d'Verschëldung erandreift. A mer wëssen, wéi et ass: Wann ee bis eng Kéier do drastécht, dann hënnkt ee fir de Rescht vu sengem Liewen dran, dann ass ee forcéiert weiderzemaachen, och wann een iergendwann eng Kéier fënnt, datt dat net dat Richteg war.

Duerfir géif ech et och méi richteg fannen, mir hätten eng Agrarpolitik, déi eis Betriber dauerhaft an eng Situation de revenu géif setzen, datt se sech normal kéinte finanzéieren an normal kéinte fonctionéieren, an net esou, wierklech op Däiwel komm eraus, op all méiglech Zorte vun Hëlfelefen ugewise wieren.

D'Situatioun ass awer aktuell leider esou an der europäescher Communautéit, wéi se ass. Ech sinn awer trotzdeem der Meenung, datt Lëtzebuerg säi Standpunkt soll däitlech maachen a mat aller Konsequenz vertrieden. Op jidde Fall vum Grondsaz hier kënne mir déi Agrarpolitik net matdroen. Well d'Situatioun awer ass, wéi se ass, wäerte mer dëse Projet matstëmmen.

En allerlescht Wuert, Här President. Hei sinn eng Partie Ännerungen am bestehenden Agrargesetz. Mä Wonsch wier, wann dat zur Publikatioun kënnt, well mam Text vum Gesetz selwer ka keen eppes ufänken, datt d'Regierung soll derfir suergen, datt en neien Texte coordonné vum gesamten Agrargesetz do hannendru mat am Mémo-rial géif publizéiert ginn.

Ech soen Iech Merci.

» **M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. D'Wuert huet elo den Här Landwirtschaftsminister Fernand Boden.

» **M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'éischt emol Merci all deenen, déi hei un dësem Projet matgeschafft hunn, déi en approuvéiert hunn, an och hei dem Rapporteur.

Ech mengen, et ass jo eng Eestëmmegkeet iwwert déi Moosnamen, déi an dësem Gesetzesprojet virgesi sinn. Ech wëll och soen, datt dat hei eng Verbesserung ass vum aktuellen, vum bestehenden Agrargesetz. Dat bestehend Agrargesetz - ech mengen, domat ass och jiddwereen d'accord - setzt e ganz favorabele Kader, fir datt d'Bauere kënne déi nei Erausforderungen, déi op se zoukommen, beschstens meeschteren.

Ech muss och soen, datt mer feststellen, datt d'Bauern nach un d'Zukunft gleewen. Et si ganz vill Investitiounen getäteg ginn. Mir hunn iwwer 1.410 Demandé fir Investitiounen schonn approuvéiert. Dat mécht eng Bähëllef vu ronn 35,6 Milliounen Euro, déi also an deenen zwee Joer elo approuvéiert gi sinn. Et gesäit een also, datt se weider investéieren. Mir wëllen dat och encouragéieren, an dëse Projet soll och dozou bäidroen.

Mir wëssen natierlech, datt d'Wirtschaftskris och bei der Landwirtschaft ukomm ass, datt se Auswirkungen huet op d'Landwirtschaft, dat ass jo hei ënnerstrach ginn, besonnesch op d'Präisser am Mëllechsektor. Duerfir ass et wichteg, datt mer just och an dësem Moment eng Rei vu Verbesserung vum Agrargesetz op den Instanzewee ginn hunn, déi haut solle gestëmmt ginn. Ech sinn d'accord domat, datt déi do Moosnamen eleng net duerginn, mä et gi jo eng ganz Rei vu begleedende Moosnamen parallel nach gemaach. Ech wëll do och e puer Wuert herno dozou soen.

Et ass hei e puermol ganz positiv ervirgestrach ginn, datt déi Bähëllef fir jonk Baueren an d'Luucht gehewe ginn, vu 55.000 op 70.000 Euro. Dat ass en Encouragement, fir e Betrib ze iwwerhuelen. Ech mengen net, Här Mehlen, datt déi dote Sue géifen een, deen net wëllt Bauer ginn, dovun iwwerzeege fir wëlle Bauer ze ginn. Dat mengen ech net. Mä déijéineg, déi et wëlle ginn, sollen eng Starthëllef kréien, déi substa-ziell ass an déi ebe soll, wéi gesot, dem jonke Bauer an der éischter Etapp virunhëlfen.

Et ass hei och begréisst ginn, datt mer et differenzéiert maachen, jee no der Formatioun vum Jonken, deen de Betrib wëllt iwwerhuelen. Ech mengen, dat wier och e wichtegt Signal fir jonk Leit, déi wëllen e Bauerebetrib iwwerhuelen, datt se sollen hir Formatioun iwwert de Minimum eraus weider pousséieren. Déijéineg, déi méi wéi e CATP agricole gemaach hunn, déi also en Technikerdiplom gemaach hunn, kréie 7.500 Euro weider wéi déi aner. An deen, deen e Meeschterdiplom gemaach huet oder deen eng Fachhéichschoul gemaach huet am landwirtschaftleche Beräich, dee kritt 10.000 Euro weider wéi déi aner, déi dat net gemaach hunn. Dat, fir d'jonk Leit ze encouragéieren, déi Formatioun do weider ze pousséieren an och domadder méi Chancen ze hunn, fir e Betrib kënne erfollegräich ze féieren.

Et ass och hei drop higewise gi vum Här Rapporteur, datt am Kader vum Gesondheitscheck confirméiert ginn ass - an ech wëll och soen: „confirméiert ginn ass“ -, datt 2015 d'Quoten auslafen, ofgeschafft ginn. Déi Décisioun, datt d'Quote géifen 2015 auslafen, déi ass schonns 2003 geholl ginn. Et ass déi Kéier confirméiert ginn.

Ech wëll och nach eng Kéier drop hiweisen, datt d'Agrarkommissarin jo hei an der Chamber mat zwou Kommissiounen vun der Chamber zesummekomm ass, datt se ganz kloer an onzweifelhaft duergeluecht huet, datt si net drun denke géif, fir ënner iergendenger Form e Quotesystem weiderlafén ze loos-sen no 2015, datt ee muss domat rechnen, datt dann de Quotesystem wierklech ausleefft, an datt een alles muss maachen, fir eis Baueren dorobber ze preparéieren, wat no der Zäit vun 2015 soll kommen, fir datt se wierklech gutt dorobber virbereet sinn.

Ech mengen, Investitiounen, Moderniséierung an hirem Betrib, déi droen dozou bäi. Et ass meng Meenung och, datt 2010, well da muss d'europäesch Kommissioun e Rapport virleeën iwwert d'Situatioun am Mëllechsektor, datt dann och déi begleedend Moosnamen zréckbehale ginn, déi nach musse bäikommen, déi mer och schonn deelweis virgeschloen haten. Mir wäerten eis asetzen, datt esou begleedend Moosnamen kommen, fir den Iwwergank esou harmonesch wéi méiglech ze maache fir d'Zäit no de Quoten.

Hei am Gesetzesprojet ass virgesinn, datt mer, well d'Quote jo ofgeschafft ginn, elo schonns de Baueren erlaben, wa se wëllen an de Mellëchstall investéieren, datt se déi Investitiounen méi grouss virgesi wéi déi Quot, déi se selwer elo hunn, datt se sech also kënne op d'Quotenofschaffung preparéieren. Dat war bis elo net méiglech. Duerfir ass dat hei e weidere Schrëtt an d'Richtung, fir d'Mëllechbetriber, déi wëllen investéieren, ze encouragéieren, dat och ze maachen an och d'Zukunft esou besser ze preparéieren.

En drëtten Punkt, deen am Gesetz festgehalen ass, dat ass dee vum Wäibau. Dir wësst, datt mer eng europäesch Wäibaureform haten, datt mer et do fäerdeg bruecht hunn, datt déi traditionell önologesch Verfahren kënne bäibehale ginn. Mir hunn et och fäer-

deg bruecht, datt am Kader vun der Ëmstrukturéierung vun de Suen, déi fir de Wäibau ausgi ginn, all Land eng gewëssen Enveloppe nationale kritt. Déi Enveloppe nationale wëlle mir komplett investéieren an de sougenannte Paiement unique, deen elo nëmme fir d'Bauere besteet, datt och d'Wënzer dee kréien. Am Joer 2012 maachen dat ronn 587.000 Euro pro Joer aus. Do kritt also all Wënzer - rechne mer - ongeféier 500 Euro pro Hektar als Prime dann zur Verfügung gestallt, wann e sech un d'Konditiounen vun der Konditionalitéit hält.

Mir hätten och an dem Kader vun där Enveloppe kënnen déi Ëmstrukturéierungs- moosssname maachen. Mir hu gesot: „Neen, mir wëllen déi integral investéieren an de Paiement direct.“ Am Agrargesetz gesi mer elo vir, datt déi Ëmstrukturéierungs- moosssnamen, déi och wichteg sinn, national finanzéiert ginn. Dat mécht pro Joer esou ronn 100.000 Euro aus. Och dat ass wichteg, datt mer permanent e Renouveau an eise Wéngerte kréien, datt Cépages dohinner gesat ginn, déi vum Client gewënscht ginn, datt anerer, déi net méi esou der Nofro vum Client entspriechen, ebe verschwannen, an datt an de Wéngerten och méi modern a besser ka geschafft ginn.

Zousätzlech zu deene Moosssnamen, déi hei am Projet virgesi sinn, wëll ech soen, datt och eng Rei vun anere Moosssnamen an d'Wee geleet gi sinn. Besonnesch, fir dem Mëllechsektor, wou jo Problemer sinn, iwwert dës schwiereg Zäit ewechzehëllefen. Do ass zum Beispill virgesinn, datt d'Fettkorrektur vun dëser Campagne un halbéiert gëtt.

D'Fettkorrektur halbéieren, dovunner profitéiert am meeschte Lëtzebuerg - an e puer aner Länner nach. D'Belsch, Eisträich an Irland - mengen ech - profitéieren och nach e bëssen dovun. Mä d'Fettkorrektur ass eng Pénalisatioun bis elo gewiescht fir d'Lëtzebuurger Baueren. Duerfir si mer Demandeur gewiescht, fir déi ze halbéieren. Dat heescht, datt d'Lëtzebuurger Bauere kënnen an dësem Quotejoer 7,2 Milliounen Kilogramm méi sträichen, ouni brauchen ee Frang Strof ze bezuelen.

An ech mengen, déijéineg, déi verlaangen, datt dat soll ausgesat oder ofgeschaf ginn, schueden domadder de Lëtzebuurger Baueren, well se musse vill méi Strof bezuelen, wéi dat de Fall ass, wann déi Fettkorrektur kann halbéiert ginn. Och dat mécht e relativ substanzuelle Montant aus, deen do de Lëtzebuurger Baueren erspuert gëtt.

Mir wäerten herno och am Kader vun der Motioun nach e bëssen op déi Quoteproblematik zrëckkommen. Mir kënnen nach dorüwer diskutéieren.

Mir hunn och virgesinn, datt d'Landschaftsfleegeprime erhéicht gëtt, och am Kader vun den neien Défien, well do eng Rei vun Oplage gemaach ginn, déi ëmweltbewosst sinn. Do gesi mer vir, datt dee méi héije Plafong net op 50 ha begrenzt ass, mä op 90 ha eropgesat gëtt. 90 ha ass haut déi Duerchschnittsgréisst vun den Testbetriber, déi hir Kontabilitéit maache loosse. Dat heescht, mir sinn do gewuess, do sinn ech d'accord domat, d'Betriber si méi grouss ginn. Den Duerchschnitt ass also 90 ha vun den Testbetriber.

Dat sinn awer nach ëmmer Familljebetriber, Här Mehlen, an ech mengen net, datt mir hei zu Lëtzebuerg an d'Richtung amgang sinn ze goen, fir industriell Betriber ze kréien. Mir hunn nach typesch Lëtzebuurger Familljebetriber. Déi Betriber hu misse méi grouss ginn, fir kënnen en uerdentleche Revenu ze erwirtschaften. Mä mat 90 ha ass ee keng Industrie, do ass een nach e Familljebetrieb. Mir wëllen eben, wéi gesot, deem Familljebetrieb do Rechnung droen an déi héich Bähëllef op 90 ha eropschrauwen. Dat mécht och e Montant aus vum 515.000 Euro pro Joer, dee besonnesch elo an dëser schwiereger Zäit d'Baueren dann och weider kréien, net nëmmeen dëst Joer, mä och déi Joren duerno.

Dann hu mer virgesinn, fir eng Rei vun Aktiounen ze maachen - eng ass schonn ernimmt ginn -, fir de Mëllechkonsum unzeereen. Et ass, mengen ech, och wichteg, well mir hei zu Lëtzebuerg europawäit en ënnerduerchschnittleche Konsum vum Mëllechprodukter hunn. Duerfir ass et wichteg,

datt mer opmierksam maachen op de Wäert vun der Mëllech, datt mer d'Leit encouragéieren, Mëllech ze drénken, datt mer och, wéi gesot - an den Appel ass jo och gemaach gi vum Här Oberweis -, dem Konsument wëlle bäibréngen, datt mir Qualitéitsprodukter hei hunn am Mëllechberäich, datt de Konsument och muss bereet sinn, vläicht e bësselche méi Suen dofir op den Dësch ze leeën.

Duerfir ënnerstëtze mer déi Aktiounen vun der Landwirtschaftskammer a vun aneren, „Esou schmaacht Lëtzebuerg“, fir drop hinzeweisen, datt d'Lëtzebuurger Produkter wäertvoll sinn, datt se besonnesch an der Restauration collective solle méi staark agesat ginn, wéi dat bis elo de Fall war.

Mir hunn eng Campagne gemaach mat der Luxlait iwwert dräi Joer, fir de Mëllechkonsum unzeereen. Dir gesitt eng ganz Rei vu Publicitéiten iwwert de Mëllechkonsum, iwwert de Wäert vun der Mëllech. Zesummen hu mer dat, wéi gesot, an och mat EU-Gelder mat der Luxlait gemaach. Mir hunn eng Campagne gemaach, fir d'Schoulmëllech ze promovéieren. 20.000 Kanner profitéieren haut vun der Schoulmëllech. Dat gëtt national finanzéiert. Mir hunn eng Campagne gemaach, fir Mëllechprodukter u ganz Aarmer auszedeelen. Och dat ass eng Campagne, déi ausgedehnt ginn ass.

Dir gesitt also, et gi schonn eng ganz Rei Efforté gemaach, fir de Mëllechkonsum op d'mannst hei am Land unzeereen an ze versichen, d'Produkter esou gutt wéi méiglech op de Maart ze kréien, dat zu rasonnable Präisser - dat wëll ech och soen -, well hei zu Lëtzebuerg gesäit een, datt d'Präisser nach e bësse méi héich sinn, wéi dat an aner Länner de Fall ass, well mer et ebe gutt valoriséieren, well mer och versichen, fir déi Produkter hei esou gutt wéi méiglech un de Mann ze kréien.

Dann hu mer och ebe wéinst der Kris elo kierzlech e Règlement op de Wee ginn, fir de Wäert vun de Jetonen ze erhéijen. Dir wësst jo, et kritt een e Jeton pro Hektar, deen een huet, an dofir kritt een e gewëssene Montant, wann een d'Konditionalitéit anhält. Dee Montant vum Jeton gëtt ëm 2,5 Euro an d'Luucht gesat. Och dat mécht 300.000 Euro aus, déi mer also de Baueren zur Verfügung stellen elo an dëser Zäit, déi se also méi als Akommes hunn.

An deem Kader wëll ech iwwerhaapt soen, datt déi Reformen, déi gemaach gi sinn, wat déi direkt Bähëllef ubelaangt, ebe just solle geduecht sinn, fir de Baueren iwwer schwiereg Zäiten ewechzehëllefen.

Dir wësst, datt déi direkt Bähëllef ofgekoppelt si vum Präis, ofgekoppelt si vun der Produktioun. Et ass eng Bähëllef, déi de Bauer kritt, well e gewësse Kritären a Konditiounen erfëllt. Déi direkt Bähëllef mécht hei am Land e Montant aus vum 32,6 Milliounen Euro, dat war et d'lescht Joer. Dat geet erop bis op 36 Milliounen Euro. En Duerchschnittsbetrieb also, deen 90 ha huet, kritt ronn 25.000 Euro direkt Bähëllef. Dat ass also eng Bähëllef, op déi een ziele kann. Dat ass en Akommes, deen een huet, deen net vun de Präisser ofhänkt. Wann d'Präisser erofginn, mécht dat méi e grouss Montant vun engem sengem Revenu aus.

Dat ass also e wichtegt Element vun de Reformen, déi gemaach gi sinn, datt och a schwierigen Zäiten d'Baueren en Deel vun hirem Akommes geséichert hunn, fir hinnen iwwert déi Problemer do ewechzehëllefen.

Ech sinn d'accord domat, datt d'neient awer nach mussen aner Moosssnamen kommen. E wichtegt Problem schéngt mir, deen ugepaakt muss ginn an der nächster Periode, wann d'PAC soll reforméiert ginn, dat ass, datt doduerch, datt d'Produktioun méi op de Marché orientéiert ginn ass, méi eng grouss Volatilitééit vun de Präisser kënn.

Also, mengen ech, misst een nient deen, wat d'Kommissioun scho mécht, fir de Maart ze entlaaschten, higoen an eng Assurance aféieren, fir déi Präisvolatilitééit ofzufiedere. Eng Assurance, wou dann zum Beispill de Stat oder d'Communautéit géifen d'Halschent dovun bäileeden, wéi dat och bei anere Problemer de Fall ass.

Dir gesitt also, mir maache schonn Efforten, fir de Baueren an dëser schwiereger Zäit ze hëllefen. Ech mengen, dëst Gesetz dréit och e gewëssene Bäitrag dozou bäi.

Ech soen also, wéi gesot, nach eng Kéier deene Merci, déi dat ënnerstëtzen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Härren, zur Ofstëmmung iwwert dës Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
D'Ofstëmmen fänkt un. Déi perséinlech Stëmme fir d'ëischt. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

Et feelen nach zwee Voten.

De Vote ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 6002 ass eestëmmeg ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6002 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers (par M. Lucien Thiel), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Lucien Clement), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Paul Helminger), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Charles Goerens), Claude Meisch (par Mme Colette Flesch) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann, Dir Dammen an Dir Härren, zum zweeten Agrarprojet vun haut de Mëtteg. Dat ass de Projet de loi iwwert den Travail agricole. Rapporteur ass hei den honorabelen Här Clement. Ageschriwwen sinn: d'Häre Goerens, Schneider, Kox a Mehlen - grad wéi virdrun. Här Clement, Dir hutt elo d'Wuert.

6. 5958 - Projet de loi ayant pour objet de modifier:

1) l'article 832-4 du code civil;

2) la loi du 9 juin 1964 concernant le travail agricole à salaire différé

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

» **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen, Dir Härren, de virleiende Gesetzestext beschäftegt sech mam landwirtschaftlechen Ierfschaftsgesetz. Konkret geet et do ëm zwou punktuell Modifikatiounen vun deem Gesetz, déi mer virhuele mussen, well d'Verfassungsgeriicht zwee Uerteeler gesprach huet, déi festhalen, datt verschidde Punkten net verfassungskonform sinn. Den éischten Arrêté betrëfft eng Dispositioun vum Artikel 832-4 vum Code civil. Deen zweete concernéiert eng Dispositioun vum Artikel 10 vum Gesetz vum 9. Juni 1964 iwwert den Travail agricole à salaire différé.

Här President, nom leschte Weltkrich war et eng vun de Suergen an der Landwirtschaft, Betriber als eng Unitéit, als ee Ganzt zesummenzehalen an net bei all Generatiounswiessel ze morceléieren. Aus dëser Suerg eraus ass dat sougenannte Landwirtschaftsierfschaftsgesetz vum 9. Juli 1969 entstanden. D'Haaptpunkte vun dësem Gesetz sinn op där enger Säit, datt eng zäitlech begrenzten Indivisioun ka forcéiert ginn, an op där anerer Säit d'Attribution préférentielle vum Betrib no deem sougenannten Ertragswäert.

D'Gesetz huet awer deemools eng Konditioun gesat, ënnert där e Betrib engem méi jonke Bauer ka préférentiel zouerkannt ginn. Do ass d'Notioun vun der Unité économique viable an d'Spill kommen, déi wéinst den Interpretatiounsschwieregkeeten awer eréischt am Gesetz vum 4. Juli 1989 méi genee definiéiert ginn ass. De Betrib huet misse grouss a performant genuch sinn, fir datt en op sech eleng gestallt och liewensfäeg ass. Dat heescht, de Betrib huet missen eng

Struktur hunn, déi et där Bauerefamill erméiglecht, fir och kënnen dovunner ze liewen.

Dëst Gesetz huet zu den allgemenge Prinzipien vum Ierfschaftsgesetz, wéi et am Code civil virgesinn ass, gefouert. Et ass mat dësem Gesetz e spezifesch Régime succursale fir d'Landwirtschaft agefouert ginn.

Dëse Regime hat dann en duebelt Zil. Eischtens sollten d'Landwirtschaftsbetriber als eegestänneg Produktiounsunitéiten erhale bleiwen, an zweetens kruten déi Leit, déi bereet waren, de Betrib ze iwwerhuelen, et erméiglecht, dat dann och a finanziell tragbare Konditiounen kënnen ze maachen.

Wat elo dat zweet Zil ugeet, esou gesäit den Artikel 832-4 vum Code civil vir, datt, wann den Attributaire préférentiel an engem gewëssenen Délai décidéiert, alles oder Deeler vun den Immeubles agricoles ze verkafen, déi en nom sougenannten Ertragswäert zougesprach krut, da muss den Attributaire préférentiel aus Grënn vun der Gerechtegkeet tëschent de Materben de Gewënn, dat heescht d'Plus-value vun dësem Verkauf, mat all senger Gesëschter deelen.

Et ass ënner anerem op dësem Punkt, wou d'Verfassungsgeriicht seet, datt den Text net konform zu der Verfassung ass. Genee gesot geet et ëm de Fait, datt dat aktuell Gesetz de Partage supplémentaire just am Fall vun engem Verkauf vun dësen Immobilié virgesäit. Aner Situatiounen, wou de Partage supplémentaire och nach kënn spillen, wéi zum Beispill bei Aliénatiounen, Désaffectatiounen, si vun deem Gesetz net virgesinn.

D'Konditiounen, ënnert deenen de Partage supplémentaire am Moment applizéiert gëtt, schafen dem Verfassungsgeriicht no eng Ongläichheet tëschent dem Bénéficiaire vun dësen Attributions agricoles a vu senger Gesëschter.

Dës Situatioun ass net konform zum Artikel 10 vun eiser Verfassung, deen de Prinzip vun der Gläichheet tëschent de Bierger virum Gesetz festleet. Fir de Partage agricole konform zum Artikel 10 vun der Verfassung ze maachen, gëtt den Uwendungsbereich vum Artikel 832-4 vum Code civil ausgeweit.

De Partage supplémentaire limitéiert sech net nëmme méi op den eenzege Fall, oder besser gesot, op déi eenzeg Hypothees vum Verkauf vun den Immeublen. E couvréiert an Zukunft och déi Fäll, wou den Attributaire - éischtens - alles oder Deeler vun den Immeubles agricoles, dat heescht Lännereien, à titre onéreux et à titre gratuit cédiert, an - zweetens -, wann e Parzelle fir net landwirtschaftlech Zwecker exploitéiert oder exploitéiere léisst, e muss also d'Parzelle selwer bewirtschaften, an zwar och zu landwirtschaftlechen Zwecker, an - drëtens -, wa se vun Drëtter fir net landwirtschaftlech Zwecker verwent ginn, an - véiertens -, wa se verpacht ginn. Entsteet elo an all dëse Fäll eng Plus-value, kënn et zu engem Partage supplémentaire.

Ausserdeem gëtt nach preziséiert, wann d'Parzelle mat enger Soulte getosch ginn a wann den Attributaire dës Parzelle fir landwirtschaftlech Zwecker weiderhi benotzt, dann ass dës Soulte, déi jo eng Plus-value duerstellt, och Géigegand vun deem Partage supplémentaire.

Et gëtt des Weideren och vun der Situatioun profitéiert, fir en Délai unique fir all méiglech Dispositiounen anzeféieren. Dësen Délai, während deem esou e Partage supplémentaire muss duerchgefouert ginn, gëtt mat dësem Gesetz op 25 Joer festgeluecht.

Ausserdeem gëtt festgehalten, datt déi Dispositiounen, déi ech elo grad opgezielt hunn, net spillen am Fall vum Partage oder vun der Donation en ligne directe bei engem Remembrement oder bei engem Tausch ouni Soulte, wann déi getauschten Terrainen weiderhin zu landwirtschaftlechen Zwecker vum Bauer selwer exploitéiert ginn. Ginn dës Terrainen net méi zu landwirtschaftlechen Zwecker genotzt, steet selbstverständlech deen zousätzleche Partage un.

D'Landwirtschaftskummer hat an hirem Avis ee Fall opgezeechent vun engem Aussiedlerhaff, dat heescht eraus aus dem elterleche Betrib, deen den aktive Bauer zu engem préférentiellé Präis krut, an eng Zone verte. Wann d'Plus-value, déi beim Verkauf realiséiert gëtt, vum Betrib erëm integral an deen neie Betrib an der Zone verte investéiert gëtt, dann ass d'Landwirtschaftskummer där Meenung, datt d'Méiglechkeet vun engem Partage supplémentaire misst ausgeschloss ginn.

De Statsrot hat och kee Problem mat esou enger Dispositioun an huet souguer deementsprechend eng Proposition de texte ge-